Procès-verbal vun der Assemblée Générale

vum 07 Oktober 2010

D'Présidentin huet déi dësjahreg Assemblée Générale ageleet, an dem se Membren vun der APEEP, d'Elteren, Vertrieder vun der Gemeng an dem Léierpersonal begréisst huet.

Bericht iwwer ons Aktivitäten an geleschten Ennerstëtzungen fir Schouljoer 2009-2010

D'APEEP Lintgen asbl huet dat lescht Schouljoër erem eng seleg Aktivitäten op Been gestallt. Mir haten den 18. Dezember 2009 an den 12. Februar 2010, während den Carlo Thimmesch déi néi Bibliothèque mat enger Erziehlgeschicht fir d'Kanner ageweiht huet, an d'Maison Relais hir Porte-ouverte hat, een Bastelnometteg mat den interesséierten Kanner gemeet.

Mir haten och nees een 1. Hellef cours, dës Kéier fir Kanner vu 8-13 Joër, mat der Ennerstëtzung vum M. Herr, den 9., 16. an 23. Januar 2010 ofgehaalen. Natiirlech huet all Kand den leschten Dag sein Diplom bei engem Ei'renjus, gestefft vun onser Gemeng, iwwerreescht krutt.

Fir d'éischt haten mir och, den 23. März 2010 een generationsiwwergreifenden déiereschen Märechersnometteg mat den Memberen aus der Multiplikatore-Projektgrupp vum Service RBS an den Club Senior „Uelzechtdall" fir d' Schoulkanner an hir Elteren resp. Grousselteren gemeet. Dat Ganzt wor e grousse Succès an huet och vill positiven Zousprouch kritt.

Mir haten den Comité d'Ecole beim Schoulsportdag, den 26. März ennerstezt, andeems mir Uebst un Schoulkanner verdeelt hun.

Och um jährlechen Asatz fir d'Collecte vun der Croix Rouge am Abrëll haten mir ons bedeelegt.

Wéi all Joer, krutt jiddfer Kand aus dem cycle 3.1 ee Set mat enger Füllfieder an engem Bic iwwereescht.

D'Biicherwoch wor des Kéier während 3 Deeg: vum 20-23. Abrëll 2010, wou mir wéi déi Joëren virdrun d'Op- an Ofriichten vun der Ausstellung zesummen mam Comité d'école an den Elternvertrieder souwéi och de Verkaaf iwwerholl haten.

Ons jährlech Show déi mir all Joërs, mat der finanzieller Hellef vun onser Gemeng, op Been gestallt haten, wor des Kéier, eng Jongléiershow mam Herr Jeminé mat engem uschleissenden Workshop, deen den 8. Mee 2010 fir vill Laachen an Spass bei Grouss an Kleng gesuergt hat.

Fir d'Coupe scolaire déi des Kéier den 9. Juni stattfond huet, haten mir d'Invitatiounen un Schoulkanner verdeelt souwéi och eng Véloskontroll virum groussen Dag ofgehaalen. Den Dag selwer haten mir d'Kontrollstatiounen besaat.

Ofgeschloss haten mir dat lëscht Schouljoër mat enger Rallye fir ons Schoulkanner déi den 9. Juli moies stattfond huet an déi mir zesummen mam Comité d'école an den Elternvertrieder op Been gestallt hun. Als Schatz krutt all Schoulkand eng gravéiert Täschelutt gestëfft vun der

Apeep Lintgen.

Geféiert gouf dunn um Schoulfest dee selweschten Dag bis owes spéit bei enger super Stemmung mat der Band vum Ricardo Vieira, den Singers Unlimited.

Mir soën op dëser Plaaz merci fir all Ennerstëtzung an Hellef déi d'Gemeng, den Comité d'école, d'Elternvertrieder an verschidden lokal Vereiner ons zoukommen geloss hun während dem ganzen Joër bei onsen verschiddenen Aktivitäten.

Fir déi eenzel Aktivitäten ze organiséieren, huet de Comité sech 8 mol dest Joër getraff, dovunner soutzen mir an 3 Réunionen mat den Elternvertrieder zesummen.

Leider huet den Interessi vun den Elteren un den Aktivitéiten vun der Apeep stark nogeloss an och op onsen Opruff hin, fir néi Membren ze kréien, haten mir praktesch just negatif Erfahrungen.

Elo hun mer fir dat laafend Schouljoer de Problem,dass mir net genuch Leit motivéiert wärten kréien, fir ons aktif ze ennerstëzen bei onsen Evenementer.

Mir waerten ons also gezwongen gesin fir d'Aktivitäten fir dest Joer ze reduzéieren. Aus deem Grond kann ech iech op deser Plaaz och nach net soen waat fir dest Joer um Programm steet.

Mir hoffen awer dass am Laaf vum Joer motivéiert an engagéiert Elterndeeler ze fannen sin, déi sech bereet erklären der Apeep tatkräfteg ze hellefen.

Keesebericht

Ons Caissière huet de Bilan vum Excercise 2009/2010 presentéiert.

Recetten : 3268,65 EUR

Dépensen : 2229,03 EUR

Am Ganzen hun mir e Boni vun 1039,62 EUR am laaf vum Excercise gemeet.

D' Réviseurs de Caisse, Madame Goudenbour an Mme Wolmering konnten leider net un der AG deelhuelen, hun awer Caisse kontrolléiert a via Proklamatioun hirt Averstaendniss offgin.

Fir next Joer hun sech d'Madame Marie-France Schneider an den Här Roland Muller bereet erklärt ons Kees ze kontrolléieren.

De Comité

Dëst Joër wor de ganzen Comité zerecktriedend an déi aal Membren woren bereet Relève nach eng kéier ze iwwerhuelen.
Mir hun een Néizougang am Comité mat der Mme Elena Bowen.
Och d'Posten woren néi ze vergin an ausser dass Mme Nicole Castermann néierdengs de Posten vun der Trésorier iwwerhellt an d'Mme Sylvie Muller d'Fonktionen vum Vice-Président, bleiwt alles beim aalen.

Secrétariat de l'APEEP Lintgen asbl
Email: saho@vo.lu
Adresse : 126 rte de Fischbach L-7447 Lintgen tel: 26 32 11 80

Composition du comité de l'APEEP Lintgen asbl pour 2010/2011

Nom et prénom	Fonction	Adresse	Code postal	Email
BOWEN Elena	membre	7, rue de l'Eglise	L-7446 Lintgen	bowens@internet.lu
HEISTEN-NEU Yasmine	membre	8, rue des Pommiers	L-7453 Lintgen	rhstn@gmx.net
HESS-EIFFES Sonja	membre	12A, rue des Champs	L-7443 Lintgen	hesspetz@pt.lu
HOFFMANN-PROVOST Sandra	membre	11,rue des Vergers	L-7457 Lintgen	hoffpro@gmail.com
JACOBY-KNERR Joëlle	membre	5, rue Kasselt	L-7452 Lintgen	joelle.knerr@tango.lu
MATHIAS Claudine	présidente	14, rue de la Bergerie	L-7441 Lintgen	mathiasc@pt.lu
MULLER-LENTZ Sylvie	vice-présidente	6, rue des Pommiers	L-7453 Lintgen	creafil@pt.lu
OESTREICHER-CASTERMANS Nicole	trésorière	12, rue Principale	L-7450 Lintgen	nicole.castermans@castermans.lu
SCHOLER-HOFFMANN Sandra	secrétaire	126, rue de Fischbach	L-7447 Lintgen	saho@vo.lu
SIMON-HENGEMÜHLE Martina	membre	14, rue Kasselt	L-7452 Lintgen	martina0426@yahoo.de

Divers

Present waren niwwent dem Comité, 2 Vertrieder vum conseil communal, de M. Guy Decker an den M. Georges Herr, den M. Tun Gruber als Vertrieder vum Léierpersonal un der AG an den M. Roland Muller als Vertrieder vun der Elternvertriedung.

Den M. Herr huet, am Numm vum conseil communal, der APEEP hirt engagement ennerstraach, mam Wonsch dass d'association och weiderhin am Num vun de Kanner an den Elteren sou gudd Aarbecht soll leschten.
Den M. Gruber, huet am Num vum gesamten Léierpersonal, der APEEP merci gesot vir hir Ennerstëtzung während dem leschten Schouljoer an d'Hoffnung ausgeschwaat dass och dat laafend Schouljoer, membren vun der APEEP bereet wieren déi eng oder anner Aktivität mat ze stéipen.

EXERCISE 2009/2010 **Association des parents d'élèves Lintgen A.S.B.L**

RECETTES			DEPENSES	
Subsides			Frais de banque	13.25 €
Commune	0.00 €		Cotisation Fapel	150.00 €
			Assurance	229.09 €
			Cadeaux communion	620.66 €
Trésorie de l'Etat	110.16 €		Cadeaux Ecole/rallye	855.83 €
			Iessen	196.00 €
TOTAL SUBSIDES	**110.16 €**		1 Hellefskuer	150.00 €
			Boissons coupe scolaire	14.20 €
Int. Créditeurs BCEE	**0.00 €**			
Recettes diverses				
Recettes Schoulfest 2009	139.50 €			
Recettes Maerechersnomëtteg	46.87 €			
Recettes Bicherdag	255.06 €			
Recettes Jongleur	167.14 €			
Recettes Schoulfest 2010	2'494.92 €			
Cartes membres	55.00 €			
TOTAL RECETTES DIIV	**3'158.49 €**			
Grand total recettes	**3'268.65 €**		Grand total dépenses	**2'229.03 €**
			RESULTAT DE L'EXERCISE	1'039.62 €